



**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6630 vum Här
Deputéierte Fernand Kartheiser iwwert d'Euthanasie.**

1)

D'Regierung ënnerstëtzt d'Palliativfleeg. Esou ass, nom Akraafttrieden vun den zwee Gesetzer vum 16. Mäerz 2009 iwwert Palliativfleeg¹ an d'Euthanasie², d'groussherzoglecht Reglement iwwert den Agreement fir Servicer fir eeler Leit op den 10. Dezember 2009³ adaptéiert gi, fir kennen eng adequat Prise en Charge bis zum Liewensenn ze garantéieren.

Et ass der Regierung wichteg, d'Recht op Informatioun an Entscheidungsfräiheet um Liewensenn, fir jiddereen ze garantéieren. Et ass d'Aufgab vun den Associatiounen «Omega 90» a «Mäi Wëllen – Mäi Wee», d'Gesellschaft ze sensibiliséieren, fir dass jidder Eenzelen säi ganz perséinleche Choix zum Liewensenn maache kann. Am Respekt vun dësem Choix sollen d'Leit dann op hirem Wee begleet ginn.

2)

D'psychologesch Betreierung vun Betraffenen ass ee wichtegt Element an der Palliativfleeg. D'Personal gëtt sensibiliséiert an forméiert fir dem Betraffenen a sengem Ëmfeld bäistoen ze kënnen.

Am Gesetzestext iwwer Euthanasie sinn net nëmmen eng korrekt Informatioun vum Betraffene mä och etlech Gespréicher mam Dokter virgesinn. Dësen ass verpflichtet sech un d'Prozedur ze halen, am Virfeld genee Informatiounen anzehuelen an op Wonsch vum Betraffene muss och d'Vertrauenspersoun a déi eventuell Fleegeéquipe consultéiert ginn.

3)

Eng korrekt Sensibiliséierung an Informatioun iwwer Palliativfleeg an Euthanasie féiert dozou, dass d'Leit sech méi mat dësen Themen ausernee sätzen. D'Regierung ass der Meenung, dass eng informéiert an opgekläerte Gesellschaft éischter den Drock vun den Dokteren hëlt, well si am Virfeld a Rou iwwert d'Thema vum Liewensenn mat hire Patiente schwätze kënnen.

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

D'Ministesesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen

¹ Loi du 16 mars 2009 relative aux soins palliatifs, à la directive anticipée et à l'accompagnement en fin de vie

² Loi du 16 mars 2009 sur l'euthanasie et l'assistance au suicide

³ Règlement grand-ducal du 10 décembre 2009 modifiant le règlement grand-ducal du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées